



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 8 juin 2021

Réf. : 838xb298a

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4206 du 3 mai 2021 de l'Honorable Député André
Bauler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 4206 du 3
mai 2021 de l'Honorable Député André Bauler au sujet du musée de la Police avec prière de bien
vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Gemeinsam Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson a vum Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri Kox op d'parlamentaresch Fro n° 4206 vum 4. Mee 2021 vum Här Deputéierten André Bauler

- De Minister fir bannenzeg Sécherheet ass sech der Problematik vum aktuelle Site vum Policemusée bewosst. Et gëtt och no enger konkreter laangfristeger Léisung gesicht. De Minister huet dowéinst d'Police och beoptraagt no alternative Gebailechkeeten an hirem aktuellen Inventar ze sichen wou een de Musée eventuell kéint ënnerbréngen déi idealerweis och en historesche Wäert am Bezug op d'Police oder d'Gendarmerie hunn.
- Et gouf nach keng Alternativ fonnt, fir d'Kollektioun vum Policemusée op eng aner Plaz ze bréngen.
- De Kulturministère ënnerstëtzt de Finzement vun engem neie museologesche Konzept fir en zukünftege « Musée de la Police Grand-Ducale » mat 37.124,10 EUR iwwert säi Programm "NEISTART Luxembourg – Culture".
- Eng Tëscheléisung ass eng éischte Kéier vun de Verrieder vum Policemusée während enger gemeinsamer Entrevue mam Kulturministère a mam Ministère fir bannenzeg Sécherheet de 26. November 2019 proposéiert ginn. Dës Tëscheléisung geséich e.a. fir, datt de Staat eng Privatsammlung kafe géif. Den 8. September 2020 huet eng Visitt tëschent Verrieder vum Kulturministère, vum Ministère fir bannenzeg Sécherheet, dem Policemusée an de Proprietäre vun der Sammlung stattfonnt.
- Während dëser Visitt ass bemierkt ginn, dass d'Ministère selwer generell keng Sammlungen oder kulturell Gidder kafen, an dass dës Depense och net am Budget virgesinn ass. D'Verieder vun den zwee Ministère hu par contre eng Rei Pisten evoquéiert, déi de Musée beim Kaf vun der Sammlung kéinten ënnerstëtzen, ënnert anerem de Lancement vun enger Campagne de mécénat participatif an en Appel aux dons innerhalb vun der Police grand-ducale. Des weideren ass ënnerstrach ginn, dass e Gesamtkonzept fir d'Gestioun vum Musée an e kompletten Inventar, souwuel vun der Sammlung vum Policemusée wéi vun der Sammlung déi zum Verfaf steet, misst bestoen, iert eng finanziell Ënnerstëtzung vum Kaf vun dëser Sammlung kéint a Betruecht gezu ginn.
- Eng systematesch Zesummenaarbecht tëscht der Policeschoul an der Musée asbl fënnt zur Zäit net statt.